



bibliotheque@maacherlycee.lu


newsletter

Mee 2017

edito

Léif Kolleginnen, Léif Kollegen,

Mir steieren elo séier op d'grouss Vakanz zou an esou kann ech iech hei den zweetleschten Newsletter fir d'ëst Schouljoer presentéieren. Am Moment kucke mer natierlech all a Richtung Porte Ouverte de 6. Mee 2017. An dem Kader huet ee vun eisen Assistenten, de Jo Giacomantonio, eng Affiche erstallt, fir déi ech ganz dankbar sinn an déi, esou hoffe mer, deen Dag e puer Leit an den CDI lackelen. Zéckt och dir net, fir d'Leit bei eis laanscht ze schécken. Dofir schonn am Virus villmools Merci!



Bis dann a vill Spaass beim Liesen.

Sarah Krecké

wat leeft am CDI?



Am Kader vun de Journées du livre et du droit d'auteur vum 23. bis den 29. Abrëll 2017 hate mer zwee Auteurs invitéiert: D'Christiane

Grün huet säi Buch «L'Horloge de Bopi» virgestallt an dobäi mat ville Biller hir Presentatioun ënnerstrach. Ausserdem huet si

eng kleng Schreiwübung mat de Schüler gemaach. De Jacques Steffen hat eis den Dag drop seng Bicher «Quelle (mal)chance» an «C'est pas ce que tu crois» matbruecht. Dobäi waren d'Klassen 7S, 7ST1, 7ST4 an 8PO.

nei I

Isola (Isabel Abedi)



Zwielef Jugendlecher solle fir dräi Wochen eleng op enger Insel liewen a ginn dobäi déi ganzen Zäit vu Kameraen iwwerwaacht. Fir d'éischt denke si sech dobäi näischt Béises, ginn awer dann dozou gezwongen, e Spill mateneen ze spillen, bei dem et séier ëm Liewen an Dout geet. Am Stil vu "Big Brother" erzielt d'Isabel Abedi hei eng souwuel spannend wéi och léierräich Geschicht, déi de Schüler weist, wéi einfach ee sech oft vu Medien wéi dem Fernseh manipuléiere léisst. D'Buch ass am beschten ab 8ième oder 9ième ze liesen an dir fannt et als Serie am CDI

nei II

L'Islam au Luxembourg (Paroles et images)



D'ëst ass en interessant klengt Bichelchen, dat d'Entwécklung vum Islam zu Lëtzebuerg an de leschte Joerzénge opgräift: déi Relioun, déi duerch d'Migratioun haut nieft dem Chrëschtentum déi wichtegst Relioun zu Lëtzebuerg duerstellt. D'ëse Projet vum Centre de Documentation sur les Migrations humaines (CDMH) soll eis sensibiliséieren an informéieren. Dozou gehéiert d'ëst Buch op Franséisch an eng Affiche mat interessanten Texter op Däitsch. Dozou passt och gutt dat Buch "Muslimische Gesellschaften in der Moderne: Ideen - Geschichten - Materialien". D'ëst alles fannt dir zukünfteg an eiser Profbibliothék.